



CHAMBRE DES DÉPUTÉS

Entrée le :

17 SEP. 2019

1208

Här Fernand Etgen
President vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 17. September 2019

Här President,

Esou ewéi den Artikel 83 vum Chambersreglement et virgesäit bieden ech lech, des parlamentaresch Fro iwwert de Contournement vun Housen un den Här Minister fir Mobilitéit an öffentlech Aarbechte weider ze leeden.

Ronn 19.000 Autoe fueren dagdeeglech duerch Housen. Eng Ëmgeungsstrooss, de Contournement vun Housen, soll derfir suerge Liewensqualität vun den Housener Leit erëm ze verbesseren.

De 23. Juli 2018 war an der Gemeng Housen eng Informatiounsversammlung wou de Projet vum Contournement am Zesammenhang mat de Sécherheitsbestëmmungen op de N7 presentéiert ginn ass. Bei dëser Presentatioun war de Projet an der Phase vum « avant-projet sommaire ».

De fréieren Nohaltegkeetsminister souwéi och de Staatssekretär am Ëmweltministère hunn deemools versprach datt bei hinnen de Wëllen do wier fir eng séier Ëmsetzung vun dësem Projet. Den Här Staatssekretär huet ausserdem präziséiert, dass wann déi nächst Regierung wëll, de Projet d'nächst Joer (2019) duerch d'Chamber kéint sinn. 2020 kéint am beschte Fall ugefaange ginn ze bauen an 3 Joer drop kéint alles fäerdeg sinn.

Duerch de Fait, dass de Contournement nach net gebaut gëtt kennen op der N7 duerch Housen weiderhin net wichtig a dringend Infrastrukturaarbechte gelescht ginn, sou zum Beispill Aarbechten um Waasserreseau an um Kanal déi zënter den 1930er respektiv den 1950er Joren am Buede leien.

Am Regierungsprogramm 2018-2023 ass Prioritéit vum Contournement Housen vun 2 op 1 gesat.

An dësem Kontext wollt ech dem Här Minister fir Mobilitéit an öffentlech Aarbechte folgend Froe stellen:

- Wéini gëtt de Projet an d'Finanzéierungsgesetz iwwert de Contournement Housen an der Chamber deposéiert ?
- Wéi wäit ass de Comité d'Acquisitioun mam Kafé vun den Terrainen ?

- Wéini kann optimalerweis mam Bau vum Contournement ugefaange ginn an op wei vill Joer sinn des Aarbechten ugesat?
- Ass geplangt N7 duerch Housen zeréck ze bauen? Wa jo wéini soll dat geschéien a wien finanziert dëse Réckbau?

Här President, ech bieden Iech mäin déifste Respekt unzehuelen.



Martine Hansen

Députéiert



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

Luxembourg, le 17 octobre 2019

Monsieur Marc Hansen
Ministre aux Relations avec
le Parlement

Service Central de Législation
43, boulevard F.D. Roosevelt
L – 2450 Luxembourg



Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer en annexe la réponse à la question parlementaire N°1208 du 17 septembre 2019 de l'honorable députée Madame Martine Hansen, concernant le contournement de Hosingen, tout en vous priant de bien vouloir en assurer la transmission à Monsieur le Président de la Chambre des Députés.

Recevez, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments distingués.

François Bausch
Ministre de la Mobilité
et des Travaux publics

CHAMBRE DES DÉPUTÉS

Entrée le :

17 OCT. 2019

Äntwert vum Här François Bausch, Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten op déi parlamentaresch Fro n 1208 vum 17. September 2019 vun der honorabler Deputéierte Martine Hansen

1. Den Avant-projet détaillé vum Contournement vun Housen soll Ufank 2020 kënnen presentéiert ginn, nodeems all déi am Virfeld néideg geotechnesch a geologesch Etudë fir dësse Projet wäerte virleien. Des Weidere mussen awer och nach virdrun archäologesch Etuden a Gruewungen (fir déi d'Virbereedungen viru kuerzem ofgeschloss goufen) duerchgefouert ginn, dës an Zesummenaarbecht mam Centre National de Recherche Archéologique. Dës sinn noutwendeg well et bei Housen verschidden archäologesch Siten aus der gallo-réimescher Zäit gëtt. D'Finanzéierungsgesetz vum Contournement vun Housen sollt dann och nach am selweschte Joer kënnen an der Chamber déposéiert ginn.
2. De Comité d'acquisition huet méttlerweil ongeféier 80% vun de Flächen, déi fir de Bau vum Contournement néideg sinn, kaf respektiv mat aanere Staatsterraine getosch.
3. Wann alles no Plang leeft kënnen nom Stëmme vum Finanzéierungsgesetz an der Chamber d'Autorisatiounen ugefrot an den Dossier de soumission fäerdeg gemaach ginn. Duerno kann de Bau vum Contournement iwwert eng geschätzte Bauzäit vun 3 Joer duerchgefouert ginn.
4. De Projet ass an 3 Lousen agedeelt. Ënnert dem Lous 3 vum Projet ass de Réckbau vun der besteeënder Strooss duerch Housen ze verstoen. Dës Strooss gëtt als „Chemin repris“ reklasséiert. Den Duerchgangsverkéier gëtt duerch de Contournement éliminéiert an doduerch kann och der aktiver Mobilitéit méi Rechnung gedroe ginn, op déi beim Émbau vum alen Tracé grouse Wäert wäert geluecht ginn. Eng Vëlospist duerch d'Uertschaft an eng Reduzéierung vun der Vitess op 30 Stonnekilometer sinn och virgesinn.

Beim Réckbau vun der Haaptstrooss duerch Housen gëtt gläichzäiteg an Zesummenaarbecht mat deene verschiddene Bedreier a mat der Gemeng Parc Housen de Réseau vun de Waasserleitungen an den Ofwaasserkanäl erneiert.